

# Den Arbitrage am Basketball

## während der Krisenzäit

### **1) Mossnamen, déi vum Club solle geholl ginn.**

---

D'Veräiner sollen drop oppassen:

- Den **Delegué(e) de salle / een Offizielle vum Heemverän desinfizéiert** de Ball / d'Bäll virum Warmup, virum 1. Jump Ball a virun all Véierel. De Ball bleibt während der Paus an der Hal.
- Um Bou musse fir all Match (och bei Fréndschafsmatcher an Tournoien) déi **komplett Nimm** vun de Spillerinnen a Spiller stoen, fir en méiglechen Tracing ze vereinfachen.
- Fir déi Offiziell a fir d'Arbittere muss **Desinfektiounsmëttel** um Dësch stoen. D'Arbittere sollen sech reegelméisseg d'Hann desinfizéieren (virum Match, tëschent de Véierel, an den TimeOuts, nom Match, ...).
- D'Vestiäre solle gebotzt/**desinfizéiert** zur Verfügung gestallt ginn, mat **genuch Platz** fir déi aktuell Mossname vum Ministère anzehalen (2 Meter Ofstand, ...).
- **Nëmmen d'Arbitter an d'Kommissären** an den Instructeur dierfen Accès zu dëse Vestiäre hunn.
- Den **2 Meter Ofstand** muss zu all Moment vun Trainer an Offiziellen agehale ginn.

**Déi virgeschriwwen Distanze müssen zu all Moment,  
och bei Nofroen an Änlechem vun Trainer a Spiller agehale ginn.**

- Fir d'Preparatioun/d'Kontroll vum Digibou müssen d'Offizieller 2 Meter Ofstand huelen a jiddwereen muss e Mask droen.
- Fir dat Administratiivt ze vereinfachen, können d'Arbitter ausnamsweis **Digicash** unhuelen (wéinst der einfacher Kontroll). Falls den Arbitter keen Digicash huet, soll hien op der Platz mat Boergeld **an enger Enveloppe um Offiziellendësch** bezuelt ginn.

## 2) Mossnamen, déi vum Arbitter solle geholl ginn & « COUNT-DOWN »

---

- Fir all administrativ Aufgabe muss den Arbitter **eng Mask droen**.
- All Arbitter soll **seng eegen Erfrëschungen** mat an d'Hal bréngen.
- Fir d'Preparatioun/d'Kontroll vum Digibou müssen d'Offizieller **2 Meter** Ofstand huelen a jiddwereen muss eng Mask droen.
- 60' bei Total League, resp. 45' an all aneren Divisiounen:
  - D'Arbitter kommen an der Hal un (Mask obligatoresch).
  - Et ass **keng aner Persoun am Vestiaire** erlaabt ausser dem Kommissär an dem Instructeur (andeems d'Reegele vun der sanitärer Hygiène agehale ginn).
- 45 – 40' virum Match:
  - D'Arbitter ginn an de Vestiär. Am beschte benotzen si **2 Vestiare**. Wann eng Fénster am Vestiär ass, soll dës esou vill ewéi méiglech op sinn fir ze **lëften**.
  - D'Pregame-Konferenz gëtt an engem Vestiär ofgehal, andeems d'Reegele vun der sanitärer Hygiène agehale ginn (Mask / Ofstand).

*Alternativ: 30' virum Match: Bei Jugendmatcher können d'Arbitter an der Uniform (mat Mask) an d'Hal goen, fir esou ze vermeiden, dat sech ze vill Arbitter an de Vestiare kräizen.*

- 20' virum Match: d'Arbittere ginn mat Mask an d'Hal, begréissen d'Offizieller um Dësch, d'Trainer, d'Spiller ouni Shake-hands a ginn sech ouni Mask opposéiert vum Dësch stellen (Total League + Nationale 2 Hären), mat mindestens 1,5m Ofstand énnerteneen.
- 1' virum Match: D'Arbittere ginn op hir Positiounen fir den Jumpball, d'Spiller däerfe just verbal begréisst ginn, ouni Shake-hands!
- Virun an no der Hallschecht an nom Match ginn d'Arbitter an hir Vestiare andeems d'Reegele vun der sanitärer Hygiène agehal ginn (mat Mask).
- All Shake-hands nom Match solle vermidde ginn.

# Refereeing in basketball

## during the sanitary crisis

### 1) Measures to be taken by the club

---

The clubs should pay special attention to the following:

- The **Gym Delegate / a Hometeam official disinfects** the ball(s) before warm-up, before the jump ball and before every quarter. The ball stays at the table at half-time.
- The **complete names** of all the players must be marked on the scoresheet (even for friendly games and tournaments in pre-season) to facilitate contact tracing.
- **Handsanitizer** must be provided for table officials and referees at the table. The referees should disinfect their hands at regular intervals (before the game, inbetween quarters, during time outs, after the game).
- Lockerrooms should be made available in a clean / **disinfected** state, with **enough space** to comply with the current measures put in place by the Ministry (2m distance, etc.)
- **Only referees, commissioners and instructors** may have access to the lockerrooms.
- The **distance of 2 meters** must be kept by the coaches and officials at all times.

**The mandatory distances must be kept at all times,  
even in the event of questions by coaches and players.**

- During the preparation/control of the “Digibou” by the referees, the officials must keep **2 meters** distances and everybody (including referees) must **wear a mask**.
- In order to keep the administrative tasks as simple as possible, referees may accept **Digicash as an exception** (cashflow is easy to check). If the referee is not able/willing to use Digicash, he should be paid via **cash in a paper envelope** at the official table.



## **2) Measures to be taken by the referee & « COUNT-DOWN »**

---

- The referee must **wear a mask** for all administrative tasks.
- The referees should bring their **own refreshments** to the gym.
- During the preparation/control of the “Digibou” by the referees, the officials must keep **2 meters distances** and everybody (including referees) must **wear a mask**.
- 60' for Total League, resp. 45' for all other divisions:
  - The referees arrive at the gym (mask mandatory).
  - **No other person** (except the commissioner and the instructor) is allowed in the lockerroom and the prescriptions of sanitary hygiene are to be followed..
- 45 – 40' before the game:
  - The referees go the lockerroom, whenever possible, they use **2 lockerrooms**. If there is a window, it should be opened to allow **ventilation**.
  - The pregame conference is held in one lockerroom while respecting the sanitary hygiene prescriptions (mask / distance).

*Alternative: 30' before the game: For youth games referees may arrive at the gym in full uniform (with mask) to avoid too much traffic in the lockerrooms.*

- 20' before the game: the referees enter the gym with mask, greet the table officials, coaches and players without shake-hands and move opposite table without mask (Total League + Nationale 2 Men), with a minimum of 1,5m distance between them.
- 1' before the game: the referees take their spots for the jump ball, players may only be greeted verbally, no shake-hands!
- At the start and the end of halftime as well as at the end of the game, the referees move to and from the gym to the lockerrooms wearing a mask.
- All shake-hands after the game should be avoided.